# Burka-Verbuet: Endlech huet d'Regierung verstan

*Pressematdeelung vum 31. Januar 2016*

D'Regierung verbidd op eemol gär d'Burka, heescht et an der Press. Munchereen huet eben eng laang Leitung: An dat besonnesch an eiser Regierung. Wat huet si op stur geschalt, wéi den ADR-Deputéierten Fernand Kartheiser e Gesetzesviirschlag fir e Burka-Verbuet agereecht huet. Wat wollt si weider mam Kapp duerch d'Mauer goen, wéi d'CSV d'ADR-Gesetz einfach ofgeschriwwen an an eegenem Numm deponéiert huet.

D'Gemenge sollten dat regelen, huet et geheescht. Bis de Staatsrot op d'Noutwännegkeet vun engem Gesetz erkannt huet. An elo op eemol wëll de Justizminister aktiv ginn an e Gesetzprojet abréngen. An op eemol ass guer kee Sträit an der Koalitioun méi fir d'Burka ze verbidden. Dobäi hunn déi dräi Parteien ëmmer esou gemaach, wéi wann d'ADR den Däiwel géif un d'Mauer molen, wéi wann d'Burka jidferengem säi gutt Recht wär oder wéi wann nëmmen e Grapp voll Frae hei am Land dat Stéck géingen undoen.

Gespaant dierf een awer op dem grénge Justizminister säi Projet sinn. Ob hien och just d'ADR-Virlag fir d'zweet ofschreiwt? Oder ob hien, wann hie muss an de sauren Apel bäissen an d'Burka verbidden, vläit och e puer aner reliéis Symboler mat verbittt? Eppes ass secher: Zënter dem 16. Juli 2014, wou de Fernand Kartheiser säi Gesetzvirschlag deponéiert huet (d'CSV-Kopie koum de 19. November 2015), ass vill Zäit vergaang, ier eppes Konkretes bei engem potenzielle Sécherheetsrisiko passéiert ass. Ee Gléck, datt näischt geschitt ass.

Wat mir méi op d'Walen zouginn, iwwerhëlt no der CSV och elo d'Regierung an der Fro vun der Burka wéi och an der Flüchtlingsproblematik lues awer sécher ëmmer méi d'Positioune vun der ADR. Dat freet eis!

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique** **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**